GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 06/2025

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 17.07.2025**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.30 H |
| Début de la réunion | 19.30 H |
| Invités | [redacted] |

## Ordre du jour :

1. Aktioun mat der Gemeng mam [redacted]- Update
2. Dag vum Baam
3. Debrief Avis Subside Couches bébés
4. Update Problem "littering"
5. Divers

## 1. Aktioun mat der Gemeng mam [redacted]- Update

[redacted] ass invitéiert op eis nächst Réunion. De Projet hei soll awer wa méiglech dëst Joer emgesaat ginn. Hei och mat Hibléck op déi national Aktioun ‚Méi Gréngs an eisen Uertschschaften‘. Eis Aufgab hei ass ee Konzept auszeschaffen mam XXX zesummen.

## 2. Dag vum Bam

Den Dag vum Baam organiséieren mir den 15. November. Den [redacted] war net dobei an der Réunioun. Mir kucken fir hei rëm eng kéier de site Op Fréinen ze notzen. Hei do wou fir de Moment nach deelweis futti’s Äppelbeem stinn, und fong vum Parking. Nach ofzeklären mam Schäfferot an mam [redacted]. D’Auswiel vun de Beem maachen mir an eiser nächster Réunioun. Hei och de genauen Typ vun eisen ‚Aprikosen Planzen‘ déi mir den Eltern an hieren Kanner dëst Joer matginn. Déi kënnen souwuel op enger Terrass / Balkon genotzt ginn, oder an engem Gaart..

## 3. Debrief- Avis Subside Couches bébé

Hei ass nach keng Decisioun vum Schäfferot geholl ginn, wéi elo den Text an d’Subsiden bei de ‚Couches Bébé‘ definitif sollen sinn. Hei gëtt dëst fir den Hierscht gemaat. Mir kënnen awer dem XXX seng Offer ‚en route‘ sëtzen fir elo, fir den Hierscht, hei des Informations Versammlungen ze organiséieren.

## 4. Update Problem “littering”

Punkt gëtt op den nächsten ODJ gesat, dee muss mam [redacted] geschwat gin.

## 5. Divers

- Mir froen bei der Gemeng méi Informatiounen un betreffend de Projet vun engem Tiny Forest zu Gonnereng op der aaler Spillplatz an der Cité Besch. Hei wier et interressant dëst Konzept och op aanere Platzen an eiser Gemeng ze réaliséieren.

- Soubal deen neien staatlechen Subsiden Katalog betreffend déi energetesch Renovatiounen / erneierbar Energien / Ëmwelt Bereich publik ass, iwwerschaffen mir de Gemengen Reglement vun eisen Subsiden an deenen Bereicher. Hei hällt eis [redacted] au courant.

- Déi nei ‚Wasser Compteuren‘ ginn elo lues a lues an all Haushalter an eiser Gemeng installéiert. Dës nei digital Compteuren schaffen zesummen mat den digitalen Stroum compteuren, an erlaaben eng besser a méi einfach Iwwerwaachung vum Verbrauch an och d’détectioun vu eventuellen Fuiten ass hei méi einfach. Kritik vu Leit déi schon informéiert gi sinn datt bei hinnen dese changement an deenen nächsten Wochen soll gemaat ginn, ass hei datt de

Flyer mat dëser Annonce net genuch Informatiounen huet, an besonnesch eeler Leit sech hei net esou rëmfannen.

**Eis nächst Réuniounen sinn : 23. September 2025 / 30. Oktober 2025 / 03. Dezember 2025.**

Eis nächst Réunioun ass also en Dënschteg, den 23.09.2025 um **19.30** Auer an der Buvette “Op Fréinen”

Mat frëndleche Gréiss.

Nora Dupont
Sekretärin

Jean Boden
President